

Zesumme virukommen

Éischt Usprooch vum Marc Roeder, neien Nationalpresident vun der Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren

Här Generalvikar,

Här Minister,

Dir Dammen an Hären Deputéiert,

Léif Kollegen a Sympathisante vun der *Lëtzeburger Landjugend a Jongbaueren*,

Eppes schonn emol direkt virop gesot - **Merci Jeff** - fir déi gutt Virstellung vu mir a Merci fir déi gutt Aarbecht, déis Du déi lescht Joren iwweër ëmmer erëm fir d'*Landjugend a Jongbaueren* gemaach hoss.

Du wars bei de Jongbaueren ëmmer politesch ganz aktiv, a gutt informéiert; ech menge wann ech hei nëmmen dat lescht Agrargesetz huelen, ass dat e gutt Beispill - wou ee gesäit - datt en onermittlechen Asaz fir d'Jongbaueren awer Friichten droe kann. Zum aneren hoss Du awer och d'Landjugend bei allen Aktiounen ëmmer erëm ënnerstëtzt, wous Du nëmmen konnts!

Ech mengen dofir hoss De Dir wierklech nach eng Kéier en décken Applaus verdéngt.

Léif Leit,

Wann ech richteg matgezielt hunn, ass dat hei mäin 10. Jongbauerendag, wou ech derbäi sinn - wat heescht - datt ech also scho mat Zäiten dobäi war, well mir deem Dag ëmmer vill Spaass gemaach hott. Zum enge well op deem Owend hei ëmmer erëm ganz interessant Virtrëg gehale ginn; ma eppes wat mir nach besser gefall hott, war déi politesch Stellungnahm, wou dann - déi eng Jore méi, déi aner

Jore manner - de Landwirtschaftsminister awer emol erëm d'Levite gelies krut, an duerno - d'Kréinung vum Owend - wou ee bei engem gudde Patt den Owend ausklénge gelooss hott.

Ech kann lech elo alleguer berouegen - mir wäerten den Owend och mat mir als President weider esou gestalten - ma an awer ass dëst Joer e ganz besonnescht Joer, dëst ass den éischte Jongbauerendag wou d'Landjugend an d'Jongbaueren als eng eenzeg Associatioun hei zesummen optrieden. Fir vill Leit war dëst schonn ëmmer e Ganzt an awer ware mir ëmmer zwou eenzel Associatiounen, déi eenzel Konten an eng eenzel Generalversammlung haten; an awer alles zesumme gemaach hunn. Dofir gouf dëst Joer decidéiert, datt déi zwou Associatiounen, déi scho jorelaang als e Ganzt agéieren, zesummegeginn, a mir sou eng grouss administrativ Vereinfachung kréien. Dëst ass eigentlech e grouse Schrëtt, dee fir déi meeschte Memberen awer keen Ënnerscheid méi mécht.

E stramme Programm

Wa mir iwwert dat lescht Joer zrëckkucken, dann hate mir och, wéi déi Jore virdrun, erëm e stramme Programm. En Highlight war z.B, datt mir dëst Joer nieft deene villen Aktivitéiten, déi mir wéi gewinnt am Kader vun der Foire Agricole organiséieren, och nach zweemol owes do e Bal organiséiert hunn. A mir kënne roueg soen, et ass äis déi Owender net langweileg ginn, well mir ware bal iwwerlaf ginn.

Als *Landjugend a Jongbaueren* ware mir awer och erëm um politesche Niveau aktiv. Mir haten Entrevuë mat diverse Ministèren a Verwaltungen. Esou ware mir z. B. och op den *Assises agricoles* dobäi. Zu deene wollt ech just soen, datt mir esou Initiativen och an Zukunft géife begréissen; hei goufen zwar net all d'Problemer geléist, ma et war awer emol e gudden Ufank an eng Basis, op déi ee baue kann.

Entrevue mam Här Staatsminister

Den Highlight fir äis war awer de Summer, wéi mir e ganze Moie mam Premier am Staatsministère iwwer d'Problemer vun de Jongbaueren an der Landjugend konnten diskutéieren. Hei hu mir en oppent Ouer fonnt, fir eng gutt Partie Problemer. Haut kënne mir scho soen, datt dës Entrevue äis definitiv weiderbruecht hott.

Dir léif Leit,

Wann Dir a leschter Zäit op der Strooss ennerwee waart, sinn lech sécher déi schéi Panneauen, vun eiser Aktioun *Fro de Bauer* an d'Ae gesprongen.

Fro de Bauer

Fro de Bauer ass eng Initiativ, déi dat lescht Joer vun engem Grupp vun eise Memberen an d'Liewe geruff gouf. Dës soll dem Konsument an Otto-normalverbraucher, d'Landwirtschaft erëm méi nobréngen - eppes wat déi lescht Joerzénge vun der Landwirtschaft liicht vernoléisseg ginn ass.

Bei dëser Aktioun ka jiddereen enner ***fro-de-bauer.lu*** eng Fro zur Landwirtschaft stellen a kritt déi da vun äis beäntwert. Ech kann lech soen, Dir kënnt lech net virstelle, wat d'Leit sech heiansdo vu Froe stellen.

Ech ka just soen, datt et eng gelongen Initiativ ass. Deemno e grouse Merci un de Jérôme Reuter an de Marc Jacobs mat hirer ganzer Equipe, fir dee groussen Engagement, deen si fir dës Aktioun matbruecht hunn, an hoffentlech nach wäerte bréngen, fir den Image vun der Landwirtschaft nohalteg ze verbesseren.

Wa mir dann an d'Zukunft kucken, esou kann ech soen, datt mir d'nächst Joer och erëm e flotte Programm wäerten hunn. D'Woch vun der Mëllech steet virun der Dier, wat lescht Joer e vollen Erfolleg war. Dofir wëll ech och hei vun der Plaz profitéiere, fir all deene Betriber Merci ze soen, déi hei aktiv matgeholf hunn.

Et ass net selbstverständlech, datt en sech en Dag oder zwee Zäit hält, fir eng oder méi Klassen duerch de Betrib ze féieren, an awer ass et néideg wann e gesäit wéi wéineg d'Kanner op den Dierfer - och haut - nach iwwerhaupt vun der Landwirtschaft wëssen.

Bauernhaff an der Stad

A vun den Dierfer an d'Stad: Hei hu mir en neie Projet fir 2017 vir. Mir wëllen de Weekend vum 1. an 2. Abrëll e Bauernhaff an der Stad organiséieren. Dëse soll op der Plaz vun der Gëlle Fra organiséiert ginn. Dofir wëll ech lech schonn haut alleguer invitéiere, fir kucken ze kommen oder souguer ze hëllef, fir datt och dëse Projet erëm e vollen Erfolleg gëtt.

Merci

Zum Ofschloss wëll ech nach puer Mercie lass ze ginn.

Ech wëll deenen eenzelne Ministèren, de Verwaltungen, awer och den Deputéierten, déi mir am Kader vum Ausschaffe vum Agrargesetz gesinn hunn, e grouse Merci soen, datt mir esou gutt zesumme schaffe konnten.

E grouse Merci geet un de Bistum, deen äis d'Büroen am Convict zur Verfügung stellt, an äis personell ënnerstëtzt.

E Merci un eis Secretariat, de Franz an d'Chantal, déi äis vill administrativ Demarchen ofhuelen.

E Merci un eis Memberen am Aarbechtsgrupp „Agrarpolitik“, déi sech ëmmer erëm vill Aarbecht op benevoler Basis oplueden.

An zum Schluss e grouse Merci, un all eis Memberen, déi ëmmer erëm gutt vertraueden op de villen Aktiounen präsent sinn. Nëmme esou komme mir virun, a kënnen och esou e schéinen Tour, wéi dee leschte Sonndeg op d'Musel organiséieren.